

Lénkslasteg CSV schléisst Koalitioun mat der ADR „haut“ aus

Pressematdeeling vum 12. Juni 2017

Den CSV-Spëtzekandidat fir d'Nationalwahlen 2018, Claude Wiseler, huet haut op RTL ausgeschloss, no deene Wahlen eng Koalitioun mat der ADR „vun haut“ ze maachen. Dat wëll d'ADR net onkommentéiert loossen:

D'CSV annonciert, 2018 méiglecherweis de Wielerwëllen net ze respektéieren

An der Hypothees, dass d'ADR géing gestärkt aus dese Wahlen eraus goen, hätt si e Wieleroptrag fir mat an eng Regierung ze goen. D'CSV seet also am viraus, dass si an deem Fall de Wielerwëllen net wëll respektéieren. De Net-Respekt vum Wielerwëlle war awer genee dat, wat si no deene leschte Wahlen der DP reprochéiert hat. Deemools gouf de Wielerwëllen och net respektéiert, well scho virun de Wahlen aner Decisiounen geholl goufen an déi stäerkste Partei vun der Regierung ausgeschloss ginn ass.

D'CSV mécht alternativlos Gambia-Politik

D'CSV steet net fir e Politikwiessel an de Claude Wiseler gëtt dat elo ëffentlech zou. An der Substanz mécht si a méi wéi 90% vun de Sujeten déi selwecht oder bal déi selwecht Politik wéi Gambia. Déi meeschte Projete vun der Gambia-Koalitioun stëmmt si an der Chamber mat oder si beschränkt sech op e puer Minimalkritiken. An der deeglecher parlamentarescher Aarbecht stellt d'CSV zwar vill Froen – si presentéiert awer kaum Alternativen. Liicht iwwerspëtzt gesot: Et mécht keen Ënnerscheid, ob d'CSV mat enger vun de Gambia-Parteien an der Regierung ass oder net - et wäert just aner Gesichter fir déi selwecht Politik.

D'CSV steet lénks a wëll hir méi konservativ agestallte Wieler net verschrecken

Datt de Claude Wiseler (am RTL-Interview) kee Riets-Lénks-Schema zu Lëtzebuerg wëll gesinn, huet eng einfach Ursach: D'CSV ass eng Partei vun der lénker Mëtt a wëll dat net zouginn, fir net e groussen Deel vun hire Wieler ze verléieren oder ze veronsécheren. Si steet - mat e puer Nuancen – do, wou Gambia och steet. Just déi Lénk an eben d'ADR hunn aner politesch Optiounen an de Courage fir Verännerungen.

D'ADR ass net do, fir der CSV eng Majoritéit ze schenken

No de nächste Wahlen gëtt et sécher aner Méiglechkeete wéi just eng Koalitioun tëscht CSV an ADR oder weider Gambia. D'ADR respektéiert de Wielerwëllen, a si ass keng automatesch Mehrheitsbeschafferin fir d'CSV. Wann de Wieler d'ADR stärkt an d'CSV keng absolut Majoritéit huet an d'ADR awer weider wëll ignoréieren, kann een sech och aner Optiounen virstellen ... fir d'CSV esou wuel wéi fir d'ADR.